# Mia & Emil - Är nächst Familljen Aventurë waarden direkt virun der Dier!



Kennt dir schonns **d'Mia an den Emil**? D'Geschwëster si richteg Detektiven, déi mat hiren Elteren an der Bomi Tilly gären nei Plazen entdecken. Déi zwee kleng Entdecker huelen iech mat op spannend Touren duerch d'LEADER Regioun Zentrum Westen!

Zu **Aansebuerg** léist dir zesumme mam Mia an dem Emil d'Rätsel vum verschwonnenen Adler. Zu **Koler** begéint dir engem Ris, léiert d'Cyclistin Elsy Jacobs kennen a gitt gewuer firwat Koler, ee richtegt coolt Duerf ass. Zu **Käerch** am Schlass waart eng geheimnisvoll Tru op iech, a villäicht erschéngt esouguer d'Anna, e Meedchen aus dem Mëttelalter. Op der **Mamer Drëps** liwweren sech d'Mia an den Emil eng Waasserschluecht a fannen eng Fläschepost. Zu **Simmer** huelen si iech mat op eng Ritterprüfung, woubäi der zu **Pëtten bei Miersch** op der Buerg op Geeschterjuegd gitt an zu **Stengefort**, do klammt dir zesummen an e geheimnisvollen Zuch.

**Oder hunn si dat alles nëmme gedreemt?**

Fannt et raus, op 7 spannenden Tier léieren déi Kleng – an och déi Grouss – spilleresch nei Saachen iwwert hir Regioun. Mol trëfft een op aussergewéinlech Figuren, mol gëtt ee virun e Rätsel gestallt – an heiansdo fillt et sech bal u wéi eng kleng Zäitrees. Ob zu Fouss oder mam Vëlo – hei ass fir jiddereen eppes dobäi.

**Besonnesch flott**: Mat der **App *Actionbound*** ginn eenzel Touren interaktiv erlieft. Ënnerwee gëllt et Aufgaben ze léisen a Froen ze beäntweren – perfekt fir kleng Entdecker!



Alles wat dir braucht, fannt dir hei :

www.visitluxembourg.lu oder www.visitguttland.lu

– einfach eroflueden an direkt lassleeën.

**Dëse Summer: manner Bildschierm, méi Entdecken – mam Mia & Emil on Tour!**

**Kontakt :**
LEADER Zentrum Westen
(+352) 26 61 06 80
zentrumwesten@leader.lu

**Download :**

LEADER
ZENTRUM WESTEN